

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. Juni 2021

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Wéi et am Artikel "*Luxemburg als Reformverlierer*", deen den 18. Juni am Lëtzebuenger Wort publizéiert gouf, en vue vun dem vun der amerikanescher Regierung gefuerderte, weltwäite Mindeststeiersatz vu 15 Prozent fir grouss Entreprises heescht, géif Lëtzebuerg no enger Etude vun "Oxford Economics" an Europa, nieft Holland an Irland zu de groussen Verléierer vun dëser Reform gehéieren. No dëser Etude gi 26 Prozent vun eisem Bruttoinlandsprodukt duerch multinational Konzernener erzeegt a 15 Prozent vun eise Steierrecettë komme vun den Entreprises. Déi zitéiert Etude gesäit an der geplangter Reform, fir eis Land duerfir besonnesch eng Gefor fir d'Stabilitéit vun de Staatsfinanzen.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär des Froe stellen:

- 1) Wéi beurteelt d'Regierung d'Resultater vun dëser Etude?
- 2) Steet d'Regierung am Austausch mat eisen hollänneschen an irléschen Partner, déi eng änlech Steierpolitik verfolge wéi mir, an duerfir méiglecherweis änlech Interesse verdeedegen?
- 3) Wéi et ausserdeem am Artikel "Switzerland plans subsidies to offset G7 corporate tax plan", deen den 11. Juni an der "Luxembourg Times" publizéiert gouf, heescht, préift d'Schwäiz am Moment d'Méiglechkeet, dës Mindeststeiersatz ënner anerem duerch besonnesch Ofschreibungsméiglechkeeten ze ëmgoen. Gesäit d'Regierung heiran och e potenziell gangbare Wee fir Lëtzebuerg?

Mat déiwem Respekt,


Roy Reding
Deputéierten